N° 7326
Entrée le 06.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.12.2022

Groupe parlementaire

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 788 / 2022
- 6 DEC. 2022
A traiter par:
Copie à:

Här Fernand Etgen
Präsident vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg de 6. Dezember 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, d'Madamm Konsumenteschutzminister an den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Den 1. Dezember war am Essentiel ze liesen, datt de Waasserpräis d'nächst Joer ëm ronn 15 Prozent wäert klammen. Dëst, well d'Gemenge wéinst den héijen Energiepräisser eng Rei zousätzlech Betribskäschten musse weiderreechen.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi eng zousätzlech finanziell Belaaschtungen duerch d'Upassung vum Waasserpräis all Mount op en duerchschnëttleche Stot zoukommen a preziséieren, ob hei méiglech Ënnerstëtzungsmoossname geplangt sinn?
2) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi eng zousätzlech finanziell Belaaschtungen duerch d'Upassung vum Waasserpräis op eis landwirtschaftlech Betriber zoukommen a preziséieren, ob hei méiglech Ënnerstëtzungsmoossname geplangt sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Joëlle Welfring, der Inneministesch, Taina Bofferding, der Ministesch fir Konsumenteschutz, Paulette Lenert, an dem Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung, Claude Haagen, op d'parlamentaresch Fro n°7326 vum 6. Dezember 2022 vun den éierewäerten Deputéierten Här Fred Keup an Här Jeff Engelen iwwert de "Prix de l'eau"**

**Den 1. Dezember war am Essentiel ze liesen, datt de Waasserpräis d'nächst Joer ëm ronn 15 Prozent wäert klammen. Dëst, well d'Gemenge wéinst den héijen Energiepräisser eng Rei zousätzlech Betribskäschten musse weiderreechen.**

1. **Kann d'Regierung elaboréieren, wéi eng zousätzlech finanziell Belaaschtungen duerch d'Upassung vum Waasserpräis all Mount op en duerchschnëttleche Stot zoukommen a preziséieren, ob hei méiglech Ënnerstëtzungsmoossname geplangt sinn?**

Zu Lëtzebuerg gëtt d'Waasserversuergung vun der Gemeng séchergestallt. De Bierger ass Client bei der Gemeng a kritt seng Rechnung och vun däser. D'Waassergesetz vum 19. Dezember 2008, dat d'EU-Waasserdirektiv 2000/60/EG ëmsetzt, imposéiert e käschtendeckende Waasserpräis, dee sech aus enger Rei vu Komponenten zesummesetzt. Zu dëse Komponente gehéieren den Amortissement vun den Infrastrukturen (Behälter, Leitungen...), Käschte fir den Akaf vum Waasser bei engem Syndikat oder enger anerer Gemeng, lafend Käschten an Energie-, Verwaltungs- a Personalkäschten. Doduerch ass de Waasserpräis an all Gemeng anescht.

De Waasserpräis ass eng Redevance, déi no de Prinzipie vum "utilisateur-payeur" (Drénkwaasser) an dem "pollueur-payeur" (Ofwaasser) gerechent gëtt an ënnerschiddlech op 4 verschidde Secteuren (Stéit, Industrie, Landwirtschaft an HORECA) weider verrechent gëtt. Bei all Secteur hänken d'effektiv Käschte vum jeeweilege Waasserverbrauch of. Duerch dëse Verrechnungsmodus iwwerdréit sech eng Hausse vum Präis net 1:1 op de Bierger.

D'Käschte gi landeswäit no enger harmoniséierter Method ermëttelt: Ier de Präis un de Konsument weiderverrechent gëtt, geschitt e "Rééquilibrage", deen engersäits de geografeschen Ëmstänn (z.B. ländlech Gemengen an Dierfer) an anerersäits de wirtschaftleche Facteuren (forfaitairë Plaffong vu 7 €/1.000 Liter) Rechnung dréit.

Präisserhéijunge vu 15%, wéi et am genannten Artikel erwäänt ass, entsprieche jee no Gemeng enger Erhéijung vun 0,2-0,4 €/1.000 Liter. Fir en Haushalt vu 4 Persoune mécht dat am Joer ca. 40-80 € aus, also ca. 3-6 € pro Mount. Aus deem Grond si fir de Moment keng Ënnerstëtzungsmoossname geplangt. Et sief bemierkt, datt bis haut eréischt een Drëttel vun de Gemengen e konforme Waasserpräiss nom Käschtendeckungsprinzip hunn.

Krunnewaasser bleift awer weiderhi ganz gënschteg, wann een dëst a Relatioun mam Fläschewaasser setzt. Fir 1 Liter Krunnewaasser bezilt een zu Lëtzebuerg am Duerchschnëtt manner wéi 0,005 €. Fir Fläschewaasser muss een am Duerchschnëtt mindestens 0,5 €/Liter bezuelen, also dat honnertfacht. Pro Joer kann e 4-Persounenhaushalt, deen an der Moyenne 2 Liter Krunnewaasser den Dag drénkt, dofir 1.500 € spueren, wann e kee Fläschewaasser keeft, mee nëmme Waasser vum Krunn drénkt. Ausgabe fir d'Waasser (Drénk- an Oofwaasser cumuléiert) maache laut OECD zu Lëtzebuerg manner wéi 3% vun de Gesamtdepensë vun engem duerchschnëttlechen Haushalt aus. Dat ass ee vun den niddregste Prozentsätz an Europa.

2. **Kann d'Regierung elaboréieren, wéi eng zousätzlech finanziell Belaaschtungenduerch d'Upassung vum Waasserpräis op eis landwirtschaftlech Betriberzoukommen a preziséieren, ob hei méiglech Ënnerstëtzungsmoossname geplangt sinn?**

De Fait, datt de Waasserpräis d'nächst Joer ëm ronn 15% klamme soll, wäert an der Reegel e relativ geréngen Afloss op eis landwirtschaftlech Betriber hunn. An der Moyenne leien d'Waasserkäschte bei 3.520 € pro Betrib a pro Joer, "toutes orientations confondues". Déi 25% Betriber mat den niddregste Waasserkäschten hunn an der Moyenne 728 € am Joer bezuelt. Déi 25% Betriber mat den héchste Waasserkäschten hunn an der Moyenne 9.346 € pro Joer bezuelt. D'Waasserkäschte maachen domat nëmme knapp 1% vun de gesamte Betribskäschten aus.

Am Geméisbau leien d'Käschte pro Betrib a pro Joer op engem änlechen Niveau. Dobäi ass de Waasserbesoin staark kulturofhängeg. Et ass an dësem Secteur ganz wichteg ofzeweien, a wéi enger Hisiicht en Accès zum Waasser besteet, wann ee sech als Chef d'exploitation an eng Kultur lancéiert.

Wat d'Ënnerstëtzungsmoossnamen ubelaangt, ass z'ënnersträichen, datt d'Infrastrukture fir ze nätzen am Kader vun der Investitiounsférderung vum Agrargesetz subventionéiert ginn. De reguläre Taux d'aide läit bei 40%. Jonk Baueren, Wënzer a Gäertner kënne fir hire Betrib an den éischte 5 Joer vun der Installatioun un, vun engem Supplement vu 15% profitéieren. Fir de Geméisbau, deen zu Lëtzebuerg staark defizitär ass a ganz besonnesch mat der Problematik vum Accès zum Waasser ze kämpfen huet, ganz geziilt z'ënnerstëtzen, ass geplangt, den Taux d'aide op Investitiounen a Gebaier an Ariichtungen an dësem Secteur an Zukunft nach eng Kéier ëm 20% eropzesetzen. Et gëtt och probéiert, de Secteur ganz cibléiert ze sensibiliséieren an z'encouragéieren, bei dëse waasserintensive Produktiounen net op Drénkwaasser zeréckzegräifen, mee op Reewaasser. Ariichtungen, fir Reewaasser opzefänken, ze traitéieren, ze stockéieren oder weiderzeleede gi selbstverständlech och am Kader vum Agrargesetz ënnerstëtzt.

Lëtzebuerg, de 16. Januar 2023
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung